Kontakt

Informatiounsblat vum Fieldgen No 1 Vendredi, 22 septembre 2017

De KONTAKT ass do !!

Dir haalt an ären Hänn déi 1. Nummer vum KONTAKT 2017-2018. Och dëst Joer wëll de KONTAKT äis regelméisseg all Freideg informéieren iwwer déi wichtegst Ereegnësser vun eisem Schoulliewen. Och dëst Joer ass jiddereen invitéiert mat Opmierksamkeet de KONTAKT ze liesen, fir ëmmer um Courant ze bleiwen.

Et wier flott wann esou vill wéi méiglech Leit géife matschaffen. Informatioune liwweren, e klenge Rapport vun extra Aktivitéite ginn, oder mol e Gedicht, e schéinen Text, e flotte Witz oder e gutt Rätsel erabréngen, dat ka jiddereen.

Mierkt iech allerdéngs, datt d'Redaktioun KENG ANONYM Zouschrëfte kann drécken. Bei den Annonce brénge mer och nëmmen déi Saachen, déi mat der Schoul ze dinn hunn.

De KONTAKT ass schon a séngem 37. Joer, dat ass e schéinen Alter fir esou eng Publikatioun, a mir hoffen, datt en nach eng laang Carrière an eiser Schoul huet. D'Redaktioun vum KONTAKT ass am Sekretariat bei der Mme Schumacher.

P.S.: Dir kënnt de KONTAKT och online liese goen, iwwer www.epf.lu !

R. Urbain

AGENDA

Vendredi, 22.9.	13h30-15h30 - test psychologique 9TE5 + 9TE6
Lundi, 25.9.	13h30-15h30 test psychologique 9PO 19h00 - réunion parents 10PA, T0CM, X0AV
Mercredi, 27.9.	18h30 - réunion APEF

am Haff, an der Cafetéria, an der Kantin an an den Pique-nique's Säll

am Gebäi (Gäng, Klassen, Toiletten, asw.)

An der 10-Auer-Paus muss jidereen erausgoen, och d'Ofschlossklassen! Wann et reent, schellt et 3 mol an dir kënnt dobannen bleiwen.

Moies kënnt dir zu all Diir erakommen (A-D)

Mir verkafen am CDI bis den 1. Oktober **Second-Hand Schoulbicher** a **Classeuren**. Der Erléis ass fir e gudden Zweck.

WANTED!

Kandidate fir de neien Schülerkomitee

Léif Schüler,

All 2 Joer gëtt an alle lëtzebuergesche Lycéeën e neie Schülerkomitee gewielt. Dëse besteet aus 7-13 Schüler an ass den direkten Uspriechpartner fir all Schüler, déi Projektiddiën a Verbesserungsvirschléi hunn, awer och Problemer am Schoulalldag gesinn.

De Schülerkomitee vertrëtt Iech domat op villen Ebenen, souwuel am Schoulgebai, ewéi an offizielle Gremien.

Fir dass Är Stëmm dat néidegt Gewiicht huet, brauch de Schülerkomitee motivéiert, dynamesch an engagéiert Schüler.

Wann Dir also eppes an Ärer Schoul matbewierke wëllt, da mellt Iech andeems Dir Är schréftlech Deklaratioun bis de 5. Oktober, 12 Auer, am Sekretariat bei der Madame Schumacher ofgitt.

Dës kann esou ausgesinn :

A la direction de l'Ecole Privée Fieldgen,
Je soussigné(e), ……(nom, prénom), élève dans la classe……me déclare candidat(e) aux élections pour le comité des élèves de l'Ecole Privée Fieldgen.

Luxembourg, le ……2017
Signature

D'Lëscht mat alle Kandidate gëtt Freides, de 6. Oktober am Kontakt publizéiert.

Wa sech méi ewéi 13 Schüler fir de Komitee mellen, gi nach am Oktober Walen organiséiert, wou Dir Är Vertrieder fräi wiele kënnt. D'Organisatioun vun dëse Walen ass gesetzlech festgeluecht an Dir gitt iwwert de genaue Verlaf am Kontakt informéiert.

Wann Dir nach Froen hutt, kënnt Dir Iech un d'Membere vum ale Schülerkomitee (comitedeseleves@epf.lu) wenden oder un den Här Jean-Luc Pauly (jean-luc.pauly@epf.lu) (Büro Service Educatif B442).

TRAU DECH!

Och DU kanns eppes bewierken!